LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2554 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wat hunn déi ënnerschiddlech Gemengen haut, den 2te Juli, decidéiert?**

44 Gemengen hunn decidéiert den 2. Juli 2025, de Schüler aus hire jeeweilege kommunale Grondschoule fräi ze ginn. Heibäi huet sech d'Majoritéit vun dese Gemengen (38) dofir decidéiert, just de Cours vum Nomëtten aus ze setzen.

Gemengen, déi den 02.07.2025 de ganzen Dag schoulfräi ginn hunn:

- Dudelange (C1 précoce)
- Feulen
- Kayl
- Mertert
- Roeser
- Rumelange

Gemengen/Schoulsyndicater, déi den 02.07.2025 just nomëttes schoulfräi ginn hunn:

- Beckerich
- Bertrange
- Bettendorf
- Betzdorf
- Billek
- Bissen
- Biwer
- Clervaux
- Consdorf
- Dalheim
- Dippach
- Dudelange (C1-C4)
- Echternach
- Ell
- Frisange
- Garnich
- Grevenmacher
- Groussbus-Wal
- Hobscheid
- Junglinster
- Kehlen
- Kopstal
- Lenningen
- Lintgen
- Mersch
- Mertzig
- Mondercange
- Niederanven
- Préizerdaul
- Redange
- Rosport-Mompach
- Sandweiler
- Schifflange
- Schuttrange
- Stadbredimus
- Steinfort
- Synecosport
- Troisvierges
- Useldange

2. **Am Januar 2024 hat d'Regierung opgrond vun enger Alerte rouge wéinst Schnéi an Äis direkt decidéiert, dass d'Schoulen een Dag zou sinn. Firwat huet d'Regierung net selwer eng Entscheedung fir haut getraff, esou wéi et am Januar 2024 fir de Schnéifräi gemaach gouf?**

D'Méiglechkeet, fir op nationalem Niveau schoulfräi ze ginn, ënnerläit effektiv de Kompetenze vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend. Dëse baséiert seng Entscheedung an dësem Zesummenhang ëmmer op d'Décisiounen vun de staatlechen Instanzen, déi heifir déi entspriechend Responsabilitéit droen. Dëst ass an éischter Instanz *d'Cellule d'évaluation des risques intempéries-inondations (CERI)*, déi sech aus Vertrieder vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), MeteoLux, der Administration de la gestion de l'eau (AGE) an dem Haut-Commissariat à la protection nationale (HCPN) zesumme setzt. Dës Cellule ass an der Woch vum 30. Juni 2025 zweemol zesumme komm, fir déi der Situatioun entspriechend Mesuren a Recommandatioune festzehalen.

Am Kader vun dëse Reunioune gëtt sech ënnert anerem och d'Fro gestallt, wéini et ee Risiko ass, iwwerhaapt virun d'Dier ze goen. An dësem Zesummenhang gouf dann och bei Iwwerschwemmungen,

Glëtz oder Schnéi, also dann, wann de Schoulwee geféierlech ass, decidéiert op nationalem Niveau schoulfräi ze ginn. Bei den héigen Temperaturen, wéi se den 2. Juli 2025 stattfonnt hunn, ass d'Situatioun eng aner. Déi meescht Schoulgebaier si gutt isoléiert a bidden dofir dacks besser Temperaturen, wéi bei de Familljen doheem an de Kannerzëmmer. Zousätzlech ass net séchergestallt, datt all d'Schüler bei engem ausgeschwate Schoulfräi vun enger ugepasster Betreiung kënne profitéieren. D'Schoul bitt an dësem Zesummenhang ee séchere Kontext fir d'Kanner, well d'Enseignanten d'Schüler hei entspriechend encadréieren an drop oppasse kënnen, datt déi vun der Santé recommandéiert Gesten (vill Waasser drénken, net an d'Sonn goen, physeschen Effort reduzéieren etc.) vun de Schüler respektéiert ginn.

An dësem Kontext si situatiounsugepasste Mesuren op lokalem Niveau, déi vun der Gemeng decidéiert ginn, méi opportun. D'Gemenge sinn duerch hiert Wëssen iwwert déi lokal Situatioun an d'Begebenheete vun de jeeweilege Schoulgebaier an der néideger Positioun fir ze evaluéieren op d'Ausschwätze vun engem Schoulfräi am Interêt vun der Schoulpopulatioun ass.

Lëtzebuerg, de 4. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH